

*Heltgen*

# D'Wichtelcher vu Beggen

Eng Séchen an 3 Biller

vum

**J. IMDAHL**



1920

Letzeburg — Drock a Verlag vum P. Worré-Mertens

J. P. Worré, Nofolger.



**PERSO'NEN :**

**Eng Witfra**

**Mariechen,** hirt Ste'fkand

**Châreli,** hirt richtégt Kand

**De Schutzengel**

**De Kinék vun de Wichtelcher**

**De Sippi,**

**De Frippi,**

**De Ruppi,**

**De Knuppi,**

**De Stuppi,**

**Den Hutzeli,**

**Den Dokter.**

Wichtelcher





## 1. Akt.

*E Besch. De Chareli, fein erausgebotzt, setzt op èngem Bamstomp, am Gang Ierdbier z'iessen. D'Marichen, an ärmleche Kléder, ass dru fir dâr Reiser ze sammeln.*

*Chareli:* Komm Marichen an hâl emol op.

*Marichen:* Ech dârf net.

*Chareli:* Je komm dach. Oder fèrts de, datt et Bumbax get?

*Marichen:* Du wéss jo gutt, we' d'Mama ass. A kent s'erem An d'Holz ass net geraft, gét et mir sécher schlem.

*Chareli:* Je hei, e Kèr. Ech wéss, du hues e gèr. Komm dach.

*Marichen:* Né, né, soss spèrt se mech nés an dât deischtert Lach.

*Mamm:* Hei, Charli, kuck, wat hun ech der èng Mass nés font.

Schlo s'alleguor eran, wèll Ierdbier ass gesond.

(zum Marichen.) Ma wât hues du dann nés de' ganzen Zeit gesticht?

Ass dât d'Holz all? Mach kén eso' en dommt Gesicht.

*Marichen:* Ech sin eso' hongerech.

*Mamm:* Da schmâcht den Owend d'Zopp.

*Marichen:* E kléngt Sték Bro't!

*Mamm:* Et rabbelt dir wuol an der Kopp.

Mâch dass de gés. An dènk dru wât ech dir gesot.

Du wars verwinnt dohém. Hei get geschafft méng Mod.

An net gemuckst me'! Huos de dat kape'ert?

De Chareli hei, dât ass e Jong, we' 't séch gehe'ert.

*Chareli:* Elo hun éch genug. Ech hun de Bauch eso' we'.

*Mamm:* De' puor kanns d'och nach iessen.

*Chareli:* Né Mamm, et gét net me'.

De Rèscht elei, de' puor, de' kent ech him vleicht gin.

*Mamm:* Wiem dann?

*Chareli:* Dem Marichen.

*Mamm:* Nén. nén, wo' dènks de hin?

Komm, huel dei Kirfchen an da gi mir hém elo.

(zum Marichen.) A wanns de fèrdég hues dèng Fäsch,  
da kens d'ons no.

*Marichen:* Ech fèrten.

*Mamm:* Wât solls du fèrten?

*Marichen:* Ech sin elèng.

Hei an dem gro'sse Besch. Wann é méch huole géng.

*Mamm:* Da briecht en dech scho muor erem. — (zum  
Chareli.) Jé komm t'get Zeit.

Du wèrds de Wé och fannen. T'ass net weit. (of mam  
Chareli.)

*Marichen:* (kuckt hinnen traureg no a setzt sech dann op e  
Bamstomp ze kreischen. Da fâlt et d'Hänn a sét.)

O Mamm, de's du huos misse vu mir gon

An haut beim Hèrgott bass am Himmelsland

O kuck erof op dein armt Kand,

An helef mir mei Léd erdron.

Mach dass méng Mamm, de' nei, o mach dach dass

Sie mech och gère kritt, e we'nég gèr,

Dass sie mat mir so' gut mol wär.

We' sie all Dâg mam Charli ass.

Ste' du mir bei datt ech dât mâche kann

Wât sie verlângt vu ménger Krâft.

Wât ech aus mir net kre'ch geschâft,

Mat dénger Helef gét et dann.

Du hues mech gèr jo sécher we' ech dech.

Verlôss mech net elo a ménger No't.

E Mammenhierz ass kémols do'd.

O ste' mer bei, erhe'er mech!

(eng ganz douce Musek. — De Schutzengel ersche'nt.  
D'Marichen erschreckt.)

*Schutzèngel:* Fèrt net, mei Kand.

*Marichen:* Wie bass du, sche' we' d'Sonn?

*Schutzèngel:* Ech sin dei gudden Engel, dén em dech ass all Stonn.

Ech muss déng Se'l behidde vu Sen a Schlèchtegkét.

Ech muss dei Kirper hidden, datt dir geschitt kê Léd.

*Marichen:* Ech hun dech nie gesin nach.

*Schutzèngel:* Ech wor dir emmer no.

So' lîng we's d'op der Welt bass, so' lîng och sin ech do.

Mei Géscht wor emer em dech, hât hien och kèng Gestalt.

Wann's du mech haut gesi kanns ass et durch he'ch Gewalt.

Ech stin elei durch Wele vu méngem Gott an Hèr.

Déng Mamm huet dech gehe'ert, an hien huet d'Kanner gèr.

Him ass jo enerdoen d'ganz Welt an d'Loft an d'Mîr.

An duefir och verzo net, den Hèrgott heleft dir. (verschwent.)

*Marichen:* Schon ass e fort! Wor et en Drâm dé mech geplot?

Nén, nén. Nach wés ech jidfer Wurt wat hie gesot.

Ech danken dir o Gott, an dir, méng Mamm. Dir hutt

Ert Kand nach net verlôss; nun hun ech neie Mut.

(et réft Reiser zesummen. Et he'ert én ondeitlech Stemegeirwel, dât emer me' stark get. D'Mariche get opmirksam, lauschttert.)

A wât ass dât? Wo' kommen de' vill Stemen hir?

O wann de Chareli dach alt nach bei mir wier. (et he'ert én elo ganz deitlech.)

*D'Wichtelcher:* Mir e Fliedchen, mir e Fliedchen, mir e Fliedchen.

*Marichen:* Ma wie soll dat dach sin? Et ass ké weit nach brét.

Wien ass et dann, dén deitlech «e Fliedchen, Fliedchen» sét?

*Wichtelcher:* Mir e Fliedchen, mir e Fliedchen, mir e Fliedchen.

*Marichen:* Wann ech emol géng ruffen, et briecht mir vleicht ké Schued.

Ech wel emol probe'ren. (et rifft.) A mir en décke Flued.  
(op émol get et stel; dann en Donnerschlag. D'Mariche  
firt zesummen, et geseit èppes um Buedem leien.)

O Wonner sonnergleichen! A wat ass dat elo? (hieft  
et op.)

E Fliedchen o'ni Zweiwel! Ma we' gong dann dât do?  
Ass dann de Besch verhèxt haut, sin ech net rècht me'  
weis?

D'as all Ablack e Wonner, an emer èppes neis.

Ei, wann ech dén dèrft iessen, dat wèr éng fein Affèr.  
Wèll Fliedercher, de' hun ech dach fir mei Liewe gèr.

Ma soll dén och fir mech sin? Dat ass èng âner Fro.

O Gott, we' sin ech hongrech, we' ze't mein ârme Mo.  
(lét de Fliedchen op de Bânstomp a sammelt nés  
Reiser.)

*Sippi:* Aha, hei ass et èndlech. Nu mâch e we'nég lues.

*Frippi:* Eng artlech Demoisèllchen! Hât ech nu kèng fei  
Nues.

*Frippi:* Ge' lâf dem Kinnék mèllen, datt mir se hei hu font.

*Sippi:* Ech lafe we' en Hieschen, éch wesche we' en Hond.  
(of.)

*Marichen:* (kuckt op.) O nén, hei wât e Männchen.

*Frippi:* Fèrt net a lâft net fort.

*Marichen:* E ka we' mir grad schwètzen! Wât ass dât fir  
èng Zort.

*Frippi:* Erlabt, mei Numm ass Frippi, mein Handwierk dât  
ass Kach.

*Marichen:* Ma we' komm dir dann heihin?

*Frippi:* Dohannen aus dém Lach.

Mech schékt de Fidebutzi, mei Kinnék a mein Hèr.

An hie le'sst Iech vermèllen datt hie gleich hei och wèr.

*Marichen:* De Kinnék?

*Frippi:* Jo de Kinnék vun onser ganzer Band.

De' iwerall bekannt sin, als Wîchtelcher am Land.

Ma do kent hie jo sèlwer. A mat him d'ganz Trabant.

(D'Wîchtelcher trieden op. De Kinnék mat der Kro'n  
an an èngem lânge Mantel, dann de Sippi, den Hut-  
zeli, de Ruppi, de Knuppi an de Stuppi.)

(D'Mariche wèrft sech vrum Kinnék nidder.)

*Kinnék:* Ste' op, ste' op, mei Kendchen. Fèrt net, 't geschitt dir neischt.

Bei be'se Kanner nemen do weise mir ons Feischt.  
Ma iwer de' de' brav sin, we's du, mein ârtlecht Kand,  
Do hâle mir all Zeiten ons klèng ma mächtig Hand.  
Ech hun dir lâng schon uecht gin, ech kènnen och dei Léd,  
A wât ech mâ kann din ech, datt et dir gutt ergét.

*Marichen:* Ech danken Iech vun Hierzen. Dir mâcht mer neie Mutt,

Wo' ech dach Strof erwârd hât, fir frèchen Iwerмутt.

*Kinnék:* Eng Strof hâs du erwârd dir? Wât wels de domat son?

Wât solls du da verbrach hun? We' kann ech dât verston?

*Marichen:* Wèll ech Iech hât geste'ert an hât begiert e Fluod.

Dach gléwt mer, 't war den Hunger, dé mech gedriwen huot.

*Kinnék:* An hues den e geschmacht schon?

*Marichen:* Ech war nach net eso' kéng.

Wèll ech jo net konnt wessen, ob ech net Onrècht déng.

*Kinnék:* Iess du et frei a fèrt net. Ma iess en net grad ganz.  
(zu de Wichtelcher.) An dir stit net so' domm do, we' d'Iesele beim Danz.

Lâf Sippi, an de Keller, a bréng èng Flèsch erop.

Du wéss, dèr décker ènger, mat èngem goldne Stopp.

Du Frippi, sprang a plék mer ganz schnell e Kirfche Bier.

Dir Hutzeli a Ruppi, a Stuppi, Knuppi, hier!!

Schnell sammelt hei de' Reiser, a bannt doraus èng Fèsch.

A mach der mer dat huortéch da get et èng gutt Flèsch.

(zum Marichen.) Gelldu, dât schmâcht, méng Modi!

*Marichen:* Nach bèsser we' èng Schmier.

*Kinnék:* Aha, do kent de Sippi: Da komm a brèng se hier.

*Sippi:* Ech hu se op gemâcht schon.

*Kinnék:* A schon dervu gedronk?

*Sippi:* Eng klinzeg binzeg Schlippchen.

*Kinnék:* Du drénks ewe' èng Onk!

Nujé, et soll verziehen dir de' Ke'er nach sin.

Me mâch datt ech dât ni me' vun dir nach muss gesin.  
Schitt aus a fel ons d'Glieser.

(D'Marichen lét e Stéck Fliedchen op de Bamstomp.)

De Kinnék an d'Mariche schocken an drénken.)

*Marichen:* Ei, we' dât schmâcht so' fresch.

*Kinnék:* Dât ass den Dâ dé muores op Wiese leit a Besch.

Dâs besser we' de Be'er, dâs besser we' de Wein.

Et siew nun onse Miesler, Burgunder oder Rhein.

*Knuppi:* Hèr Kinnék, d'Fèsch ass fèrdég.

*Kinnék:* Dât hu dir gut gemacht.

Kuckt, d'Kand dât ass so gléckléch, datt et vu Fréde  
lâcht.

(de Frippi kent.) A we' ass dât, du Trentler, dass du  
re'scht kens elo?

*Frippi:* Ech hun de Kirfche voll dach.

*Kinnék:* A nach me' voll dei Mo.

Schwètz net, 't muss én dech kènnen. Tass nie zu déngem  
Schuod wanns du . . .

*Marichen:* O jé, Hèr Kinnék . . .

*Kinnék:* Wât ass?

*Marichen:* Mei Fluod, mei Fluod!

*Kinnék:* Wât ass da mat dém Fliedchen?

*Marichen:* Ech hat en hier geluocht,

T'wor nach e klinzegt Stéckchen, an hun un neischt ge-  
duocht.

Lo grâd nu wel ech kucken, mé wât gesin ech do?

Dé Fliedchen dén ech giesst hât, en ass nés ganz elo.

*Kinnék:* Verhâl, wât éch der soen. Dé Fliedchen nie vergét,

So' lâng we' nach èng Grimmel, é Schein dervu bestét.

Wanns du e bal ganz giesst huos, da lés den en op d'Zeit.

An èng Minut derno schon en neien nés do leit.

So' ass et mat dèr Fèsch och, de' nie verbrannt ganz get.



---

So' ass et mat dém Kirfchen, dén nie ganz eidel get.  
De' Sâchen all de' schênken ech dir als Souvenir.

*Marichen:* O nén, dât wèr zevill jo!

*Kinnék:* Huol et, mir gin et gir.

A wanns d'ons solls mol brauchen, mir si schnèll bei der Hand.

Dach nun, awuôr mèng Modi, awuôr, du gut brâvt Kand.

(zu de Wíchtelcher.) Dir âner luod iech d'Fèsch op, gitt mat him bis bei d'Dir.

Awuôr! A solls d'ons brauche, ruff ons. mir komme gir.

*Rido.*

---



## 2. Akt.

*Eng Kichen. De Chareli setzt beim Desch séng Aufgab ze schreiwen, d' Mamm derniewent.*

*Mamm:* D'âs falsch we's du woll's schreiwen. Et muss «au père» dach sin.

*Chareli:* A jo, et ass «dém Vater», «au père», jo ech verstin.

*Mamm:* Ma wo' soll dât dach bleiwen. 'T get deischer schonn a spe't.

(stét op a gét bei d'Dir kucken.)

*Chareli:* Am sche'nsten ass et wann én e Strech nach dröner ze't.

So Mama?

*Mamm:* (kuckt.) Ja?

*Chareli:* So hätt ech nach hei e sche'ne Strech.

*Mamm:* Aha, du bass scho fèrdég. Da wart, da kommen ech.

(ze't de Strech.) So' kuck, lo kriss de siechzég vum Thème a vun der Schreft.

*Chareli:* Du has mer virgeschriven en och mam Crayongsteft.

*Mamm:* Dât dêrfst de kèngem soen, soss kriss de ènzock null,

An du kre'chs kèng Bonnot me'.

*Chareli:* Ech hun der èng Hèllewull.

*Mamm:* Du muss och dichtég schaffen, wels du den e'schte gin.

*Chareli:* Ech sin och alt zefridde wann ech den zéngte sin.

*Mamm:* Du bass en dommen Dabo, do wéss de wât's de bass.

Wofir wels du den e'schten net sin aus dénger Klass?  
Muss d'Marichen dann emer virun dech kommen, so?

*Chareli:* O hei, wo' soll dât sin dann? Et ass jo nach net do?  
Wann him alt neischt geschitt ass?

*Mamm:* Dofir hiew guor kèng Bang.

*Chareli:* Ma 'tass dach ower bliwen nach nie we' haut so'  
lang.

Et wèr vleicht gut éch géng him emol e Sték entge'nt?

*Mamm:* Jé, jé, hat wéss de Wé jo, 't ass hèll, de Mond dé  
sche'nt.

*Chareli:* Ma wann et an de Weier...

*Mamm:* Nun hâl mer ower op.

Wat huos du haut Gedanken an dénger klènger Kopp.  
T'ass Zeit dass du kens schlofen; lo ma mer d'Bètt an  
d'Rei.

An irs de ausgedo bass, dann ass et secher hei. (of rèchts  
mam Chareli.)

(D'Dir gét e we'nég op. De Sippi lusst eran. Da mécht  
en se ganz op a wénkt dénen âneren.)

*Sippi:* Et ass kén hei: nun hurtég. E we'nég schnèll eran.

*Frippi:* Alt nemen én nom âneren! Tass kén dén hèxe kann.  
(Knuppi, Stuppi, Ruppi an Hutzeli komme mat der Fèsch  
op der Scheler.)

*Knuppi:* O Mamm, wât ech iech schwéssen. Ech sin ewe'  
èng Zopp.

*Stuppi:* Kuckt mech, we' ech plètschnass sin, vun ene bis  
op d'Kopp.

*Hutzeli:* We' sin ech ze bedauern, d'ganz Lâscht op mir  
dach ro't.

*Ruppi:* An ech dann, o méng Glidder, muor sin ech sicher  
do'd.

*Sippi:* Jé, wât en dommt Gedéssems! Mâcht iech dach net  
eso'!

Lét d'Fèsch ganz einfach nidder, an dann hu dir jo Ro'.  
So' kuckt! A da ma mir ons nés alleguor durch d'Bascht.  
Soss kent de' Al, de' sét ons, wat hei d'Pond Kîschte  
kascht.

(zum Marichen.) Awuôr!

*Marichen:* A villmol Merci fir all èr Me' a Plo.

*All:* Brauch dir ons nach èng Ke'er, mir sin nés gèren do. (of.)

*Marichen:* (kuckt en no.) Nu kuck, we' se do weschen, a rupp! si sie verschwonn.

Ma wo' ass d'Mamm, de Chareli? Sin de' vleicht schlofe schonn?

O jé, ass dât 9 Auer! Wor ech eso' lîng fort?

Dât ass durch d'Wichtelmänner, de' klèng durchdriwen Zort.

Wât hu se nach gespâsst all, gegèckst de ganze Wé.

Ech war eso' zefriden, so' gléckléch we' nach jé.

*Mamm:* Aha, do bass du èndléch! A wo' hues du gestach?

Ass dât gepermètte'ert? Ech spèren dech an d'Lach!

Wârd du, ech wèrd dech le'ren (helt de Martini.)

*Chareli:* (am Nuotshiem.) O Mama, loss et gon!

*Mamm:* Wels du dech an dei Bètt man!

*Chareli:* Du muss et och net schlön.

*Mamm:* Wo' ass dann d'Holz?

*Marichen:* Do leit et!

*Mamm:* (verwonnert.) Huos du dat do all bruocht!

Ma d'âs en déke Ko'p jo, vill me' we' ech geduoct.

*Marichen:* An hei e Kirfche Bier nach, an hei e klènge Fluod!

*Chareli:* O gef mir é Sték Fliedchen!

*Mamm:* T'ass eigentléch ze schuod,

Fir dén lo ze verdélen. — Nujé, wèlls du et bass...

(schneit em e Sték erof.)

Do, loss der et gut schmâchen. Nu ge', lo bass de lass.

(Charli of.)

We's d'un dât alles komm bass, verziels de mir herno.

Virdrun nach mach dèng Aufgab, da spulls de dat elo.

(weist op e Ko'p Geschir.)

Da kiers de hei de Buodem an hés dat Holz mer klèng.

*Marichen:* Ech sin 'so' mid, ech kann net!

*Mamm:* Wât ass dât do fir èng.

An dass net solls soen, ech hätt et schlècht gemèngt,

Wanns du geschwe bass fèrdég, ass dir déng Strof geschènkt.

Dach kommen ech erem nés, an huos d'et net gemâcht,  
Dann hâl dech frei gefâsst drop, datt et fir dech da krâcht. (of.)

*Marichen:* (helt séng Bicher aus sénger Tâbel a setzt sech bei den Desch.)

O Mamm, ech hun ze schreiwen grad haut èng gro'ss Lektio'n.

E seléchèn ze le'ren an ech wéss nach kèng Bo'n.

Dobei sin ech so' schle'frég, ech fâle bâl vum Stull.

An nu soll ech och schaffen nach hei èng Hèllwull.

Wât heleft mir mei Kloen, ech fènke le'wer un,

Datt ech, wa si kent kucken, op d'manst mèng Aufgab hun.

Ma we' ass dât, et gêt net, méng An de' fâlen zo'.

O hätt ech dach alt nemen èng hallef Stönnche Ro'.

O Wîchtelcher, kommt heleft, macht dir wât ech net kann.

Ech sin so' mid, ech spîren, ech schlofe... schlofen an...

(Iwerdém's lét et de Kapp op den Desch an entschle'ft.)

(Eng klèng Paus. — Dann no an no d'Wîchtelcher.)

*Kinnék:* Et schle'ft. Lo héscht et schaffen, lo komme mir un d'Rei.

Duofir, vun alle Seiten, dir Wîchtelcher erbei!

(zum Stuppi, dén èng gro'sség Feder bei sech huot.)

Du, klèngen Hèr Professor, klamm du hir bei den Desch,

A schreiw mer sche'n a propper, déng Fieder ass jo fresch.

Den Thème Seit 36, ganz uowen op der Seit...

*Stuppi:* Ech donken nach mei Brel op, da sin ech eso' weit.

*Kinnék:* (zum Ruppi.) Du, komm dech heihî stèllen mat déngem décke Buch!

Soll hien e Wurt net wessen, da géss du dran op d'Such.

*Ruppi:* (lét d'Buch op e Stull.) Scho stin ech hei ze wârden, a wât hie mech soll fron,

Ech wel him schnèll a sécher méng Entwerten drop son.

*Kinnék:* Du Knuppi, huol de Biesem a kier den Drèk eraus.

*Knuppi:* Ech botze we' en Danzsall so' blénkég d'ganzécht Haus.

*Kinnék:* Du Frippi, kanns jo spullen, dât kann dach jidwer  
Kach,  
Ma hei héscht et gud uocht gin, datt nemen neischt ge-  
brach.

De Sippi kann der an d'Hand gon, hien dréhent alles of.  
Ma neme ste'ert d'Kand net, et ass 'so' gut am Schlof.

*Frippi:* Schon hun ech em mei Schirtéch, dirèkt lo gét et un.

*Sippi:* Ech pomple schnèll alt Wässer, dohanne bei dem  
Krunn.

*Kinnék:* Aha, nach bleiwt den Hutzeli! O wârt du kris èng  
Rèng.

Du hels dohannen d'Beilchen an hés dât Holz hei klèng.  
Nu get iech gud un d'Arbécht a mâcht all schnèll èr  
Sâch.

Datt alles féx a fèrdég wann d'Mariche get wâch. (of.)

*Stuppi:* (dé bis elo geschriwen huot.)

Ei Nondikass, dâ's schwe'er! Ech wéss, 't huot hannen  
«elle».

*Ruppi:* Wât wéss de net?

*Stuppi:* Die Schwalbe?

*Ruppi:* (kuckt am Buch.) Dât héscht dach l'hirondelle.

*Stuppi:* Ma we' héscht d'Nuochtigeilchen dann op fran-  
se'sch scho me'?

*Ruppi:* (kuckt.) Da wart, Aha, hei ass et! Le rossignol  
héscht de'!

(dem Sippi ass bâl en Teller entfall.)

*Frippi:* Da gef dach uocht och, Sippi, lo war dé bâl ge-  
retscht.

*Sippi:* Wann d'Telleren so' nass sin, ass schnèll der én  
entwetscht.

*Knuppi:* Jo kuck, do kann ech kieren, an du méchs neien  
Drèck.

*Hutzeli:* So wés de wât, da kîr du dohannen an dém Eck.

*Stuppi:* Ma we' soll ech hei schaffen, wann dir Spektakel  
mâcht!

*Sippi:* Jé mach datt kén dech he'ert a sech èng Boss nach  
lâcht.

- Frippi:* Wèlls du dé Fiederkeil huos, méngs du du wèrs en Hèr.
- Stuppi:* Wann dir méng Arbécht ma welt, da kommt, dir krit se gèr.
- Knuppi:* An dann de Monsieur Ruppi, we' dén sech dét so' déck.
- Frippi:* Jo grad we' wann hien drô misst, d'ganz Wesse-schâft um Rék.
- Stuppi:* Loss du se ro'eg schwetzen, sie gi mer op de Mo. Kuck schnèll, wât hèscht der Weiler?
- Ruppi:* Der Weiler? Le hameau.
- Knuppi:* Dajé, mâch èndléch virun.
- Hutzeli:* Hèlls du nés gèr èng Ried?  
Dat gét net we's du dènks grâd, et sin elauter Kniet.  
Ma komm, lo sin ech fèrdég.
- Knuppi:* Endléch! Gott sei Dank.  
Well wés de, dât Getrèntels, dat mecht mech wirkléch krank.
- Frippi:* So' kuck, lo blénkt nés alles, de' Depen an d'Geschîrr,  
We' wann et aus dem Buték ganz fresch lo ke'm elir.
- Stuppi:* Il... aime... les... bons enfants. Ponkt. Do ass dât och geschitt.  
Nu gét et schnèll op hém lass, well ech si schrèkléch mitt.  
Hu dir och alles propper nés op séng Plâtz geluocht?  
(All wenke jo.)
- Stuppi:* Da kene mir jo schrecken! Awuôr a gudde Nuocht!  
(sie gin all of.)
- Marichen:* (erwècht a reift sech d'An.) A we' ass dât da gangen? Wor ech enttompt elei?  
O Mamm, wât gét dât gin nun, wann neischt ass an der Rei.  
(kuckt me' gené.) Ma hei, et ass gespullt jo! Dât ass dach kê Bedrug!  
Do sti méng Depe propper an hei leit nach en Duch.  
An d'holz ass klèng gemacht schon, an d'Kichen ass gekiert!

O Dank, Iech Wichtelmänner, d'âs me' we' ech begiert.  
Wann ech elo geschriwen méng Aufgab och nach hätt,  
Da wär méng Mamm zefridden an ech ke'm a mei Bètt.  
Lôss ech mech schnèll alt drugin a mâche wât ech kann.

(welt ufènken ze schreiwen.) Ma wât ass dât? Hei ass  
en! Mein Thème dé stét schon dran.

O wât èng Fréd, t'ass richtég, hien ass och firdég schon.

*Mamm:* We' ass et?

*Marichen:* Ech si fèrdég.

*Mamm:* An ènger Ve'relstonn!

Ma dât ass jo net me'gléich, dât gét net richtég zo'!  
An dach et ass kén Zweiwel!

*Marichen:* Bass du lo mat mir fro'?

*Mamm:* Du stés bei onser Hergott gewess a gro'sser  
Gonscht.

Wèll dât wât hei geschitt ass gét iwer menschléich  
Konscht.

Dât hei dât ass en Zéchen, wie géng et net verston,

Datt éch nés gut soll mâche, wât éch dir ugedon.

Ech hu vleicht net gehandelt un dir no Le'wt a Rècht,

Dât get vun haut un ânescht, du huos et net me' schlècht.

Ech komme gleich erem lo, da kris d'èng gut dék  
Schmier,

Eng botter a gebéssen, de' huos de sécher gier.

An dann e Gubbli Meléich irs d'an déng Dodo gés.

Geldu, da kreischs de net me', a kris mech gèren nés. (of.)

*Marichen:* O Gott, we' soll ech danken dir fir eso' vill  
Gnod.

Du huos geschékt déng Helef we' ech mer wosst ké Rot.

Duofir soll ké verzoen, dé fest op dech vertraut,

Dé kann net energoen, hien huot op Fiels gebaut.

*Rido.*

---





### 3. Akt.

*Zén we' am II. Akt.*

*Mamm an Dokter komme vu rèchts.*

*Mamm:* Hèr Dokter, d'Ongewesshét, de' hun ech ste'ts gehâsst.

Sot frei mir duorfir d'Wo'rècht, ech sin op d'Schlemst gefâsst.

Er An hun dach verrode, wât dir mer net welt sôn.

*Dokter:* Firwât soll ech et léchnen, ech muss et agestôn:

Wann net geschitt e Wonner, dass ass Ert Kand verluer.

Wann net den Hèrgott heleft, dann ass emsoss mèng Kuor.

*Mamm:* Dât hun ech mer gezweiwelt. O Gott, du strofs mech hârt!

An ass da guor kèng Hoffnong?

*Dokter:* Einstweile biet a wât!

Et ass jo emer me'gléich... ma we' gesot, 'tass schlem.

Ech gin nach èng Visite man, a kommen dann erem. (of.)

*Mamm:* O sollt ech dech verle'ren, mei Chareli, mei Jong, Dé mir elei op Erden dach iwer alles gong.

O Hèrgott, hiew Erbarmen: wann ech gefélt, verzei!

Ech wel jo alles gut man. Ma neme loss hien hei.

*Marichen:* So Mama!

*Mamm:* Wât ass da, Maisy?

*Marichen:* De Chareli hätt gier

E Sték, du wéss, vum Fliedchen an och e Kèrche Bier.

*Mamm:* Dât ass nun dach gelungen, datt hien dât net vergesst.

An zenter sénger Krankhét neischt âneschtes me' esst.

Ma wât nach vill me' drôlég, a wât ech net verstin,

D'às datt dé Bier, dé Fliedchen nach emer net vergin.  
Wât mir dèrs Fliedche giesst hun, d'às kèngem Mensch  
ze son.

An emer hun e fresche mir an dem Schâf nés ston.  
Do kuckt, do ass alt nés èn. Hei ge' dât Sték em dron.  
(Marichen of.)

Ech kann dât net begreifen, ech kann et net verstôn.  
Et ass mer dacks verzielt gin, ech wor we' si so' klèng,  
Et ge'we Wîchtlen hausen, elei an der Gemèng.  
Nu komme sie an d'Haus hei: ech hu nach kè gesin.  
An duorfir ech nach zweiwlen, datt Wîchtelcher bestin.  
Onst Mariche wèrd dréme wât hat eso' verzielt.  
Ma de' Geschicht mam Fliedchen, d'às èppes wât mech  
quielt.

*Marichen:* Ech wollt schon d'e'nescht froen, wât sét den  
Dokter dann?

*Mamm:* Wât soll den Dokter sôen? Datt hien neischt mâche  
kann.

*Marichen:* Da misst de Chareli stierwen?

*Mamm:* Dât huet hien net gesot.

*Chareli:* (riff.) Mama.

*Mamm:* Jo wârt, ech kommen. Nu kreisch och net, méng  
Mod.

Et gét nach alles gut vleicht, duofir siew net verzot.

*Marichen:* Sie welt mer et verstoppen, méng ârem Mamm,  
hirt Léd.

Dach wéss ech sèlwer bèsser, we' et mam Chareli stét.  
Hei ass all menschlech Helef, hei ass all Rôt zu Enn,  
Hei heleft nemen dén nach, dén d'Wèlt hält an den  
Hänn.

O Hèrgott, du douôwen, du kanns jo alles mân.

Wât's du och wels beschle'ssen, ech schéke gèr mech  
drân.

Ma wann et nach èng Rèttong, èng Helef fir hie get,  
Da loss de Chareli liewen, o loss hie stierwe net.  
Huel mech da le'wer bei dech, mir leit neischt un der  
Wèlt,

A loss de Chareli bleiwen, dém't hei so' gut gefällt.

*Kinnék:* (klappt un der Dir.)

*Marichen:* Wie klappt? Den Doktor sécher. Jo wârt ech komme schon.

*Kinnék:* Ech sin et.

*Marichen:* Dir Hèr Kinnék? Dât ass dach Er Stonn.

*Kinnék:* Ech wéss du brauchts méng Helef an duorfir sin ech hei.

Du hues verkraschen Aen; wât ass geschitt elei?

*Marichen:* De Chareli, dé stierwt ons.

*Kinnék:* Mir stin a Gottes Hand!

*Marichen:* Wât wel Dir domat sôen?

*Kinnék:* Verzo nach net mei Kand!

Eng Stem huet mech gedriwen, zu deser Stonn heihin.

An deser Flèsch hei hun ech èng Wonnermedezin.

Dofu gin siwen Drepsen mat Wâsser ugesât

A wann nach èppes heleft, dann heleft sécher dât!

*Marichen:* O villmols, villmols Merci.

*Kinnék:* Mir kent den Dank net zo'.

Dank dém, dén d'Wèlt rege'ert, elo an emerzo'.

Dem Hèr vun Do'd a Liewen, dé mécht wât him gefällt,

An uni dém sei Wele vum Dâch ké Fillche fällt.

Dach muss ech nun nés lâfen. Awuôr da bis derno.

Wa Gott welt, gét et bèsser da mat dem Chareli jo. (of.)

*Marichen:* So Mamm, komm schnell a lauschter; lo grad wor nés én hei.

*Mamm:* E wât?

*Marichen:* E Wichtelmännchen. Dé go'w mir dât elei.

*Mamm:* Wât soll ech domatt machen?

*Marichen:* Eng Wonnermedezin

Ass dât de' mir dem Chareli am Wâsser solle gin.

*Mamm:* Mir kene jo probe'ren. Ma ob et èppes déngt.

Wo' sèlwer onsem Dokter emsoss dach alles schéngt.

Hei ass e Glass mat Wâsser. Da mach de' Drepsen drân,

Et wèrd op kè Fall schueden. So' kuck, dann dro em s'ân.

Ma saum dech net dobannen, mir hu vill Arbécht nach.  
(Marichen of.)

T'leit alles d'enescht d'iewescht, mir musse raume dach.  
Kèng Gromper ass geschielt nach, kèng Irbesse gerâft,  
An d'Depen ongespullt all stin och nach do um Schâf.  
Ech wéss net wât ech ma soll a wo' de Kapp mer stét.  
Wât soll e schaffe kene, wann d'Hierz vun Angscht  
vergét.

*Dokter:* Do wære mir jo nammel. We' ass et da mam Jong?

*Mamm:* So' vill we' ech gesi kann, nach guer kèng Änne-  
rong.

Dach huet onst Klèngt gedron him lo grâd èng Medezin.

*Dokter:* Eng Medezin? We' kent dann de' Medezin heihin?

*Mamm:* E Wichtelmännche sot et, hätt him se d'e'nescht gin.

*Dokter:* Dât si jo Kannereien. Dir wèrd net tôpég sin,  
Well e'schtsens, dât ass klor dach, bestin dèr Wiese kèng.  
(et klâkt.) Au, au! (e reiwt sech de Bâk.)

*Mamm:* A wât ass dât dann?

*Dokter:* Dât do dât ass gemèng!  
Et wor mir grad ass hätt ech èng op de Bâk lo kritt.

*Mamm:* 'Tass dach ké Mensch heibannen!

*Dokter:* Enfin, et ass geschitt!  
Fir nés op d'Ried ze kommen, wo' ech se ofgebrach...  
Wa mir och zwétens gléwen, dèr Wiese ge'wen dach  
Doruechter vleicht mol liewen, da muss der Iech dach  
son.

Wât sollen de' vu Chimie a Medezin verston.  
(et klâkt nés.) Au, au! (we' uowen.)

*Mamm:* Ech hu gehe'ert, 't huet deiteléch geklâkt.

*Dokter:* An ech hun et gespiert nés, ech krut èng op de Bâk.  
'T gét net mat richtgen Dénge an èrem Haus hei zo'.  
'T muss én doremer stiechen.

*Mamm:* Da sot mer neme, wo'?

*Marichen:* O Mamma, komm mol kucken, de Chareli ass  
gesund!

*Mamm:* Dât ass jo bâl net me'gléich! (of.)

*Dokter:* Schnell schwèzt e Kannermond.

Wann é we' hien, dem Do'd no, an he'chstem Fe'wer leit.  
Da brauch é, fir d'Gesond-gin, gléw mir es, vill me'  
Zeit.

*Marichen:* Dir sche'nt nach drun ze zweiwlen. Gitt sèlwer  
kucken dann.

*Dokter:* Dât wär e gèllécht Wonner. Dât licht mer guer  
net an.

*Mamm:* O wat e Glék, 't as wo'er. Et ass kén Zweiwel me'.

*Dokter:* Nach ken dir guer neischt soen, Er Fréd ass vill  
ze fre'.

Ere'scht wann éch geschwât hun, ken dir ganz sécher gon.  
Lo gin éch emol kucken, da lauschtert, wât éch son. (of.)

*Mamm:* Vill bèsser we' séng Wieder sèt mir mei Mammen-  
hierz

Datt onse Jong gerètt ass an iwerstan sei Schmierz.  
Komm, Marichen, da léfs du lo schnell bis of an d'Duorf.  
Hei hues de d'Petrolskännchen, an hei hues du de Kuorw.  
Ma saum déch net an tommel déch neme schnell a lâf.  
(Marichen of.)

*Dokter:* Ma foi, et ass e Wonner, an t'wor dach eso' grâve.  
Dât dét méch dach bâl gléwen, datt Wichtelcher bestinn.

*Mamm:* Sie komme jidder Owend zo' deser Stonn heihin.

*Dokter:* An hu dir se gesi schonn?

*Mamm:* Gesin hun éch nach kén.

*Dokter:* Dir wesst och guer ké Mettel fir si ze fènken?

*Mamm:* Nén.

*Dokter:* Oho, éch hun èng Idi!

*Mamm:* Eng Idi? An de' wär?

*Dokter:* Dir sicht grâd do Er Iertsen. Domatt mân éch  
d'Affär!

*Mamm:* Mat Iertsen?

*Dokter:* Jo mat Iertsen.

*Mamm:* Do fènkt Dir kén so' bâl!

*Dokter:* Lösst ro'ég méch gewèrden! Si gi mir a méng Fâl!  
(strét Iertsen.) Heihin e Grapp an dohin. Mir gi scho  
mat en éns.

A wa mir si net kre'en, dann nënnt méch ro'den Héenz.

*Mamm:* Abé, kuckt éch bezweiwlen . . . .

*Dokter:* Mir wèrde jo gesin.

Schon he'ren éch ramo'ren, dât wèrde si wuol sin.

Mir stellen d'Luocht hierniewent, dann ass 't hei deisch-  
ter Nuocht.

Dur gi mer ons och verstoppen a stellen ons op d'Wuocht.  
(of.)

*Sippi:* De' Al ass net heibannen. Pst, stel, a schnèll erbei.

*Frippi:* We' ass dât haut so' deischer.

*Sippi:* Huos d'Angscht? Jé komm dach frei.

*Hutzeli:* Jé hep era, wât drém der? Hei ass 't nach lãng net  
wãrm.

*Frippi:* (fãllt.) O Mamm!

*Sippi:* (fãllt.) O jé!

*Hutzeli:* (fãllt.) O jérem!

*Knuppi:* (fãllt.) Mei Bé!

*Ruppi:* (fãllt.) Mei Kapp!

*Stuppi:* (fãllt.) Mein Arm!

*Frippi:* Mir si verkaft, verroden! (D'Wichelcher man séch  
ewèch.)

*Dokter:* Kommt schnell mir hun s'am Sãk.

*Mamm:* Lo grad ass d'Luocht mer ausgãng!

*Dokter:* D'ãs durch dé klẽnge Pãk!

*Mamm:* Ech kre'en och ké Fix un!

*Dokter:* O jé, we' domm ass dât! (Kent eran a fãllt sèlwer.)  
Au, au! (D'Wichelcher si verschwonnen.)

*Mamm:* (mat der Luocht.) Wât ass? A wofir hu dir iech  
duor gesãt?

*Marichen:* Wât ass dât e Spektakel? A wât ass hei geschitt?

*Mamm:* Mir wollten d'Wichelchmãnner . . . .

*Dokter:* O jé, éch hu méng Britt.

*Marichen:* Da wore sie dât sécher, de' lãnscht méch si gelãf!

*Dokter:* An nach kén ze gesi kritt! Do gef der Deiwel Af.  
(Donnerschlãg, an der Dir de Kinnék.)

*Kinnék:* Nemen d'Onschold kann ons erkennen,  
Nemen de se'lége Kannerbléck.  
De' gescheit séch mèngen an nènnen  
Oft zerste'ren dât sche'nste Gléck.  
Nie me kene mir d'Haus hei betrieden,  
Firwetz a Falschhét hun ons verjot.  
Schwètzen heleft do neischt a ké Bieden,  
T'ass Gesetz an et bleift gesot.  
T'fällt ons schwe'er déngetwégen,  
Marichen, du gut bravt Kand,  
Dach iwer dir stét onse Ségen  
Ob mir och sin a friemem Land.  
Wanns du brav bleiws an zefriden,  
Wèrd et dir ni schlècht ergon.  
Ge', dé richte Wé heiniden,  
Lauschter net wât ànrer son.  
Nun awuor. Gezielt sin ons Stonnen!  
Muor ass ké vun ons me' do.  
D'Wìchtelcher de' bleiwe verschwonnen.  
Hir Geschicht verklénkt we' èng Sô. (e verschwent.)

*RIDO.*